

Erënnert Iech emol!

Wann **nom leschte Krich** méi un d'Sprooch selwer an hir Roll geduecht gi wier aplaz un d'Schreifweis, dann hätt d'Lëtzebuergesch de Knuet éischer a ganz anescht opgemaach, net esou aremséileg a schimmeg „gepauert“, wéi dat bis an d'siwenzeger Joeren de Fall war. Et geet och net duer, ëmmer erëm ze soen, demools wieren aner Suerge wéi d'Sprooch am Land gewiescht; **wat hätt dann enger verstänneger Aarbecht an der Wee gestan, dem Lëtzebuergesch demools direkt déi Plaz ze verschafen, déi et 1941 praktesch per Referendum ënner gréisster Gefoer vun de Lëtzebuenger kritt hat?** D'Orthographie aus deem eenzege Schoulbichelchen, dat zënter 1914 fir eis Sprooch bestong, hu et missen ewech! Dat war en aremséilegt Geméichels vu „Welter-Engelmann“ géint „Margue-Feltes“, a Wierklechkeet e Gerëffels tëscht „Fachleit“, **déi psychopädagogesch leider net méi wäit gesinn hu wéi hir gescheit Nuesen.**



(Zeechnung: O. Jaminon)

Et ass ze verstoen, datt d'Lëtzebuenger sech déi éischt Joeren no 1945 virun allem geschuddert hunn, wat un d'Preisen erënnert huet, och virun hirer Sprooch; **de Goethe war ower kee „Preis“, den Heine, de Schopenhauer an den Thomas Mann och net.** Et war gutt, datt d'Däitscht seng offiziell Roll an der Chamber gekëppt krut; mä an der Schoul wéi an der Press huet et seng Fonktioun ower verstännegerweis weider behal ... verstännegerweis! Verstänneg wier et also och gewiescht, drun ze denken, datt eng Schreifweis fir eis germanesch Sprooch, dat Schrëftbild bäibehal hätt, dat den Nic. Welter fir „*Das Luxemburgische und sein Schrifttum*“ gewielt hat; en etlech „Aktualisatiounen“ wiere jo och nach duerchgang, ower: 1946 alles eraus ze „krazen“, dat nom Houdäitsche „geroch“ huet, an dat dann op eng lächerlech Fassong duerch „englesche Charakter“ ze ersetzen, konnt jo nëmme zu deem Resultat féieren, dat de Fransous esou richteg ëmschreift: *Il n'y a que le ridicule qui tue!*

Ee Gléck, datt de Robert Bruch (Dokter an der Germanistik a Romanistik ... an Enrolé de Force!) an de 50er Joeren dee richtege pädagogesche Verstand fir eng Orthographie vum offiziellen Dictionnaire mat erabruecht huet ... déi „mir“ (d'Actioun-Lëtzebuergesch!) da vum (KZler!) Robert Krieps 1975 offizialiséiert kruten. Op deem gesonde Fong huet sech och 1999 net e sellege geännert, an dat bleift och d'Basis fir jiddfer „Aktualisatioun“ vun duerno.

Wien nach ëmmer mengt missen ze **mengen, eis Schreifweis wier ower komplizéiert**, dee soll sech emol esou butzeg Beispiller aus der englescher Orthographie bedenken, mat deer de G. B. Shaw den Uz gemaach huet; e puer lëschteng Beispiller: *My two sisters are too little to drive* = 3 x deeselwechte Laut, 3 x anescht geschriwwen, an d'Silb „-ble“ um Enn och nach „verkéiert“ geschwat – *I heard my heavy heart in the heat* = 4 x dselwecht geschriwwen, ower 4 x en anere Laut! Am Franséschen dann: *Un ver se meut vers un verre vert* ... ass dach wonnerbar „logesch“, gell dir! Tu *accueilles* ... wéivill Bustawe ginn do geschriwwen ... ower net gelies? Net iergeren, nëmme wonneren!

Gewëss: Dat muss een nun emol „léieren“ ... ower méi mat den Ae wéi mam Verstand, mat Logik scho guer net ... **also mat der Gewunnecht ... a genee do ass jo de Problem mat der Orthographie vum Lëtzebuergesch:** Mir sinn et net gewinnt a schwätzen ongerechterweis vu „schwéier“. Mä mir sinn um richtege Wee: Äre Schreiwert, dee sech zënter 45 Joer op all Manéier mam Lëtzebuergesche beschäftegt huet an nach ofgëtt, mierkt, datt eis Schreifweis ëmmer méi héichprozenteg „eropgeet“, an den normale Gebrauch = d'Gewunnecht kënnt. Dat huet seng Ursaachen, z. B. kéipweis Lieserbréiwen a Commentairen um Internet ... dem Facebook, dem SMS asw. Bravo! **Wien hätt dat vru 45 Joer geduecht. Wéi „mir“ mat Wudderen ugefaang hunn. Well soss ...**

Geknadders

Ee vun eise Sproochproblemen ass, datt mir, **wéi mam Velo an enger Tramschinn, net aus dem Houdäitschen erauskommen**, wa mir bis dragewutscht sinn. Wéi kënnt ee soss vun enger „*iwwelrichender Spur hannerloosse*“ schwätzen ... oder vun „*upassungsfähigen*“ Déieren; soen, eng Ëmfro hätt „*erginn*“, oder eng Kritik wier „*kierzlech vun ehemolege Frënn erhuewe*“ ginn, vill giffen der engem „*gemeinsame Sport nogoen*“ oder „*fir eppes verantwortlech zeechnen*“. Zum Beispill hu mir „sech erginn“ am Sënn vun „sich ergeben“, ower och am Sënn vun neie Schong, déi sech „erginn“, ower net am Sënn vun engem Resultat. Mä, wéi sot de Mann: **Dat muss ee kenne fir ze wëssen ... oder léieren aplaz Toperie vu sech ze ginn.**

Wien déi Ënnerscheeder net spiert oder kennt, dee soll och net (vrun allem als anonyme Giifchen) mat enger queescher Schnuff vun „Dialekt/Mondart“ téinen. Wien d'Franséscht aus dem „*Nouvel Obs*“, dem „*Monde*“ oder d'Däitsch aus der „*Süd-deutschen*“ oder der „*Zeit*“ net kennt an net kann, deem geet et do grad esou. **Och d'Lëtzebuergesch muss een (wéinstens e bëssen) am Grëff hunn, fir et wëllen engermoossen éierbar an d'Schreif ze kréien.**

Gelunge Gedanken

Wann ee gär erausfënnt, wou a wéi eis Sprooch sech typesch vun aneren ënnerscheid, da soll een emol probéieren, dat „normaalt/proppert“ Lëtzebuergesch an eng aner ze iwwersetzen ... wat ee jo iwwregens an eise Buch EISES dausendfach ka maachen ... wann ee wëllt. Mir kennen z. B. am Däitschen dat Wuert „Gedöns“, fir wann eppes lästeg an iwwerflësseg zermault gëtt. Mä da **bedenkt emol, op wéivill Fassongen d'Lëtzebuergesch sech do ze hëllef weess:** *Gebraddels – Gedeessems – Gefiederméichels – Gedéngels – Geschnëss – Getuddels; a wéi wier et mat Getässels – Gedéngels – Getëlter – Geféngers – Gekniwwels – Gewibbels – Geklaaps* ... an eis Sprooch ass esou aarm, gell dir; et wier jo iwwerhaupt keng Sprooch, schreift en Tutebatti an engem Commentaire iwwer d'Wielerei vu mar. Dat giff eng Zermeschterei, wou dee léiwe Blani de „Wänzeli“ ganz séier giff tëscht d'Stempelen zéien.

Wéini gëtt „geheescht“?

Sollte mir äis net emol heiansdo **iwwerleeën, ob riichtewech franséisch oder däitsch Ausdréck net och e lëtzebuergesch Gesiicht zegutt hätten** ... vrun allem, wann eng wuertwärtlech Iwwersetzung aus deene Sproochen e krommenolegt Lëtzebuergesch gëtt? Wat soll een da vu „**Mir heeschen Iech wëllkomm**“ an deem Sënn halen? Mir hunn d'Verb „heeschen“ ... ower dat huet ganz aner Bedeitungen: heeschen ass dat däitscht „betteln“ an d'franséisch „mendier“; wéi e Mënsch „heescht“, freet nom Numm, an hei gëtt et kloer Famill mam Däitschen – an der Zäit guff gefrot, wéi een sech geng „schreiwen“ – mä **eng Grimmel Sproochgefill misst engem dach bal soen, datt dat „Wëllkomm heeschen“ net an eis Sprooch passt.**

Intressant ass och nach, datt mir e Grapp **Ausdréck hunn, déi sech mat deer „Heescherei“** ofginn: *Heeschepak, Heeschesak, heesche goen, sech verheeschen* asw. Et kënnt ee sech bei deem frëndleche „Moien“ an engem grouse Geschäft vläicht eppes méi Originelles virstelle wéi dee „geheeschte Wëllkomm“, dee jo ower och guer net no eiser Sprooch schmaacht, just „Wir heißen Sie willkommen“ an d'Lëtzebuergesch gequëtscht. Firwat dann net „*Mir freeën äis op Iech / Mir si frou, datt Dir bei äis kommt*“ ... dat wier iwwregens och net méi laang wéi „*Nous vous souhaitons la bienvenue!*“ Näischt fir ongutt, mä emol doriwwer nodenken ass jo net verbueden, oder?

Wat ass e „LERNFEST“?

Datt mir nawell gär „**déi aner Säit**“ fir **allerhand Organisatiounen „knäipe“ ginn**, ass gewosst; doriwwer ka jo och roueg jiddereen seng Meenung hunn. Et schéngt mir ower méi originell ze sinn, wann déi Wëlzer (zënter 60 Joer!) e „Geenezefest“ op d'Bee bréngen, déi Trëntenger e „Kiischtefest“, déi Housener eng „Bauerekiermes“ oder anerer e „Gromperfest“. **Et gëtt Dosende vun Iddien, aus deenen een e Fest maache kann**, ouni de Bayern hire versoffenen a verfroossene Wies'n-Oktober (aremséileg) nozeafen an dat och nach hei „Oktoberfest“ ze vernennen; Fues-Organisatiounen giffe sech anescht a méi „vun hei“ maache loose wéi, datt der en etlech als verkleete Kölner oder Meenzer mat „Spitzenkappe“ dorëmmer lafen. Iddien, Iddien, Iddien!

Zu Wëntger war dann och déi lescht Woch deer „Fester“ eent, dat bestëmmt net op „eiser Mësch“ gewuess ass ... **e LERNFEST kann dach nëmme vun do kommen, wou den Numm hier ass.** Iwwer d'Organisatioun selwer soll hei näischt gesot ginn, ower wéinstens den Numm kënnt lëtzebuergesch sinn! Hei gëtt näischt „gelernt“, also misst dat, wannechglift, och e LÉIERFEST sinn a soss näischt, schued ... ower eppes hunn ech do vu mengem Frënd André Bauler „gelernt“: Wat „Zonkestippe“ sinn. Wësst dir et? Neen? Da frot emol no.

Eist Land ... Zoufall vun der Geschicht!???

Sou kann nëmme e Kultur- a Geschichtsflappes tuten. **Wéi ass et da mat den Zoufäll soss dorëmmer?** Italien ... en Zoufall. Däitschland ... en Zoufall. D'Belsch ... en Zoufall. Déi skandinavesch Staaten ... Zoufäll ... an dobäi och nach alleguerte méi spéit wéi „eisen“ „Zoufall Grand-Duché Lëtzebuerg“!

En Dënschdeg, den 9. Juni 2015, ginn et op den Dag genee 200 Joer, datt den „Zoufall Lëtzebuerg“ international-rechtlech mam Schlussakt vum „Wiener Kongress“ en eegene Staat guff. Den Detail dovun, grad ewéi déi Geschicht, déi sech doraus entwéckelt huet: e puer intressant Geschichtsstonnen ... déi leider vun Historiker ze dacks „iwwer d'Käpp ewech zerdozéiert“ aplaz fir jiddferee verständlech „userneegedoe“ ginn.